



CHAMBRE DES DÉPUTÉS

Entrée le :

24 JUIL. 2017  
3157

Här Mars di Bartolomeo  
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 24. Juli 2017

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit biede mir Iech dës parlamentaresch Fro iwwert wahrscheinlech Opriede vum Wollef zu Lëtzebuerg un Madame Minister fir Ëmwelt weiderzeleeden.

Lescht Woch sinn am Raum Holzem-Garnech 8 doudeg Schof an enger Wiss opfonnt ginn, déi méiglecherweis vum Wollef gerass kéinte gi sinn. Fir definitiv Opschless ze kréie musse Resultater vun DNA-Prouwen ofgewart ginn.

An deem Kader, wollte mir der Madame Minister fir Ëmwelt dës Fro stellen:

- Wéini sinn d'Resultater vun den DNA-Analysen do ?

Laut eisen Informatiounen sinn an der selwechter Géigend wou Schoof fonnt goufen, 2 mol hannert enee Béische vum engem onbekanntem Deier duerch den Drot gedriwwe ginn. Dës Béische goufen nierft der Areler Autobunn A6 erëmfonnt.


An deem Kader, wollte mir der Madame Minister fir Ëmwelt dës Fro stellen :

- Kann Madame Minister ons déi uewegenannte Tëscheffäll bestätegen ?
- Ass méttlerweil bekannt duerch wei een Déier, Béischen aus hirer Perche gedriwwe goufen ?


Laut eisen Informatiounen ass an där Wiss och Kot fonnt , dee weder vum engem Rand, nach vum engem Hond oder Fuuss schéngt ze sinn.

- Kann Madame Minister des Ausso bestätegen?
- Ginn Analyse vun dësen Exkrementen gemaach?
- Wéini sinn d' Resultater do?
- Kann Madame Minister ausschléissen, dass hei zu Lëtzebuerg Wëllef ausgeweldert respektiv ugesidelt goufen?

Här President, mir bieten Iech eisen déifste Respekt unzehuelen.



**Martine Hansen**



**Gilles Roth**


**Députéiert**



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère du Développement durable  
et des Infrastructures

Département de l'environnement

Luxembourg, le 28 JUIL. 2017



Service central de législation  
Monsieur Fernand Etgen  
Ministre aux Relations avec le Parlement

**Objet :** Question parlementaire n°3157

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire n°3157 des honorables députés Madame Martine Hansen et Monsieur Gilles Roth tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

Pour la Ministre de l'Environnement,

Camille Gira  
Secrétaire d'Etat

**Äntwert vun der Ëmweltministesch op d'parlamentarësch Ufro n°3157 vum 24. Juli 2017 vun den honorablen Deputéierten Madame Martine Hansen an Här Gilles Roth**

***Lescht Woch sinn am Raum Holzem-Garnech 8 doudeg Schof an enger Wiss opfonnt ginn, déi méiglecherweis vun Wollef gerass kéinte gi sinn. Fir definitiv Opschless ze kréie musse Resultater vun DNA-Prouwen ofgewart ginn.***

***An deem Kader, wollte mir der Madame Minister fir Ëmwelt dës Fro stellen:***

***Wéini sinn d'Resultater vun den DNA-Analysen do ?***

Wéi schonn am Pressecommuniqué vum Ëmweltdepartement vum 17. Juni 2017 ze liese war, kann et e puer Wochen daueren, bis déi Resultater do sinn. Zitat aus dem Pressecommuniqué: « *Eine definitive Schlussfolgerung kann daher im Falle Garnich erst dann getroffen werden, wenn die Resultate der DNA-Proben vorliegen. Diese Untersuchung kann mehrere Wochen dauern.* » Wann d'Natur-a Bëschverwaltung (ANF) déi Resultater bis huet, wäerte se der Press matgedeelt ginn.

***Laut eisen Informatiounen sinn an der selwechter Géigend wou Schoof fonnt goufen, 2 mol hannertenee Béischte vun engem onbekanntem Deier duerch den Drot gedriwwen ginn. Dës Béischte goufen nierft der Areler Autobunn A6 erëmfonnt.***

***An deem Kader, wollte mir der Madame Minister fir Ëmwelt dës Fro stellen :***

***Kann Madame Minister ons déi uewegenannte Tëschefäll bestätegen ?***

Neen. Allerdings ka bestätegt ginn, dass Béischten op der selwechter Plaz zwou Nuechten hannerteneen aus hierer Perche ausgebrach waren. De Grond fir di zwee Ausbrëch konnt net festgestallt ginn.

***Ass mëttlerweil bekannt duerch wei een Déier, Béischten aus hirer Perche gedriwwen goufen ?***

Et ass net bekannt, aus wat fir engem Grond d'Béischten aus hirer Perche ausgebrach waren. D'ANF war direkt op der Plaz fir ze hëllefen déi Saach opzeglären. Nom éischten Ausbroch ass eng Wëldkamera op engem Stativ bei der Ausbrochsplaz plazéiert ginn. Beim zweeten Ausbroch sinn d'Béischten och genau bei der Kamera laanscht gelaf, wéi d'Trëtt am Bulli bewisen hunn. Déi Kamera war awer an där Nuecht propper vum Stativ rofgeschrauw a geklaut ginn. Et ass net gewosst ween déi Kamera geklaut huet.

***Laut eisen Informatiounen ass an där Wiss och Kot fonnt, dee weder vun engem Rand, nach vun engem Hond oder Fuuss schéngt ze sinn.***

***Kann Madame Minister des Ausso bestätegen?***

Et gouf Kot fonnt, mee dee war absolut net wollëfstypesch an et ass net kloër vu wéi engem Déier dee Kot ass.

***Ginn Analyse vun dësen Exkrementer gemaach?***

Dee besote Kot gouf geséichert an agefruer. E kann zu all Moment analyséiert ginn, falls di DNA-Prouwen vun de Schof kee Resultat sollten erginn.



**Wéini sinn d' Resultater do?**

Vun deem Moment un, wou se am Laboratoire ukommen, brauch et normalerweis puer Wochen bis e Resultat do ass.

**Kann Madame Minister ausschléissen, dass hei zu Lëtzebuerg Wëllef ausgeweldert respektiv ugesidelt goufen?**

Auswëldeunge vun geschützten Arten ënnerleien enger Autorisatiounspflicht vum Umweltminister. Et gouf keng Demande agereecht fir sou eppes ze maachen, an et géif och am Fall vun sou enger Demande betreffend de Wollef kéng Autorisatioun der Ëmweltministësch ginn.

D'Ëmweltdepartement geet dovunner aus, dass, falls sech e Wollef oder Wëllef a fräier Natur op Lëtzebuerger Territoire sollt(e) befannen, deen oder déi iwwert de selwechte Wee heihinner komm sinn wéi och op villen anere Plazen an Europa: duerch natierlech Zouwanderung. Wann d'Resultat vun der Artenanalyse vun den DNA-Prouwen sollt Wollef erginn, da wäert eng Analyse vum Genotype gemaach ginn, déi eventuell erlabe wäert rauszefannen, aus wéi enger Populatioun dat Déier staamt.

